

Bericht vun der Finale vum Challenge Sensas 2018.



Leschten Weekend woren mir ob Invitatioun vun der Firma SENSAS aus Frankräich ob hier alljährlech Finale invitéiert. Des Competitioun ass d'ëscht Joer fir 25est ausgedroen ginn, an zwar zu Toul am Département vun der Meurthe et Moselle um kanaliséierten Deel vun der Musel. An der Équipe hunn geféisch den Thinnés Bill, Thinnés Luc, Meis Franck an ech selwer.



Mir sinn Freides moies ganz fréi dorobber gefuer fir eis ze iwwerzeegen ob déi Infoen dann och esou géifen zoutreffen wei mer se vun aneren Fëscherkollegen aus Lëtzebuerg gesot kritt hunn déi schonns 2 Wochen virdrun dorobber trainéieren woren. Mir wossten doduerch dann och dass um gréissten Deel vun der gesamter Streck iwverall Grondelen ze fänken wieren. Dorops baséiert hunn mer dann och beschloss nëmmen dat ze maachen, an zwar zu 100%.

Ausser am Secteur D vun der Nummer 65 bis 128 wär d' Fëscherei op d' Routa an Bréisse dominant.

Ech soen et direkt, mir hunn et fäerdeg bruecht dessen Challenge d'ëscht Joer mat ob Lëtzebuerg ze bréngen, een Exploit deen ech perséinlech ganz héich bewäerten an deen mir och perséinlech vill bedeit well Sensas säit 2003 mäin Sponsor ass. Se hunn mech an all deenen Joer mat hirer Ënnerstëtzung no fir bruecht. Fir mech wierklech Kiischt um Kuch an menger Fëscherszäit.

Am schlemmsten allerdéngs wär, dass ganz vill Fëscher an och déi Responsabel vun Sensas eis an Favoritten Roll gestach hunn. Vun Ufank un loung an sech schonns en

groussen Drock ob eis. Geschmunzelt doriwwer hunn mer gemengt dass dëst Joer mol eng Platz ënner deenen éischten 15 misst dran sinn. Sou hu mer dann och deen éischten Dag décidéiert einfach mol ze kucken wat um Enn fir een Resultat do steet. Mir hunn allerdéngs direkt gemierkt dass Grondelen net an all Secteur selwecht verdeelt sinn. Am Secteur A mécht de Franck eng sécher 2 mat 1980 Gramm. Am B souz ech selwer an hat hei all Schwieregkeet fir mat 210 Grondelen an 1800 Gramm eng 5 ze maachen. Den Luc am C mat 2180 och gutt 2 Punkten an den Bill deen am zweeten Deel vum Secteur D souz, mécht mat 4740 Gramm Rout'a an Plaquettes och 5 Punkten. Mir lounge nom éischten Dag mat 14 Punkten ob der ganz gudder 6ter Platz. Domat woren mer ganz zefridden an haten eis eegen Erwaardungen an sech schonns iwwertraff. Mir woren ons awer owes eens dass hei méi dran wier an dass mer hei den Sprong ob den Podium packen kéinten. Näischt un der Taktik geännert, bis ob Klenggekeeten um Material selwer, sinn mer dunn och an den zweeten Dag gaangen.



Mir haten am viraus och gesot dass jiddereen nees am selwechten Secteur géif untrieden. Am A den Franck nees, deen et do fäerdeg bréngt mat 3200 Gramm eng 1te Platz ze maachen. Ech selwer nees am B, souz an engem Sous-Secteur wou den éischten Dag mat nëmmen 1kg den Secteur gewonnen ginn ass. Grouss Erwaardung also, eng gutt 3te Platz ass erausgesprongen mat 730 Gramm fir 140 Grondelen, also eng Moyenne vun 5,2 Gramm. Wéi gesot se waren net iwwerall an och net iwwerall selwecht grouss. Am C Secteur nees den Luc deen wéii en selwer sot, houfreg ob seng Leeschtung wär. Nees 2 Punkten mat knapps iwwer 2 Kg. Bravo Luc. An eisen Bill, des Kéier an engem Sous-Secteur mat Grondelen, mécht 3 Punkten mat 5 kg. Jo, keen Mënsch huet dorun gegleeft, mee mir hunn eis mol eng Kéier nees verbessert nom

zweeten Dag: 9 Punkten, am Total 23 Punkten. Mee wat waren déi wäert, géif et duer goen?

D' Konkurrenz ob deenen Finalen ass ëmmer staark. Virun eis den éischten Dag waren z.B. den Weltmeeschter Team Sensas Armentières an awer och Team Sensas Macon, déi an hirem Team ganz jonk staark Fëscher hunn. Mir hunn och dunn ob eemol selwer drun gegléift well mer an Zweschenzäit wossten dass déi zwou genannten Équipes am Total 2 resp. 2,5 Punkten méi wie mir haten.

Um Punkt 18.00 Auer ass dunn Präisverdeelung ugaangen. Jo an do wor den Moment, den Jean Desqué selwer deen ëmmer alles leet, huet eis dunn als Vainqueur vun dëser 25ter Editioun opgeruff. Jo mir waren dëst Joer déi Beschte vun deenen 128 Équipes déi ugetrueden waren. Gefill kann ech leider net beschreiwen. Mee ech mengen , déi ganz Équipe huet dësen Moment genoss.

Grondelen, jo mat Grondelen hu mer dësen Match gewonnen. Deen Fësch deen mer schonns säit 7 Joer ob eiser Musel hunn an mat deem mer eis all Sonndeg an der Saison beschäftegen wëllen oder och müssen. Mir waren ons awer eens gëschter Owend. Erfahrung an Kënnen mat dëser Espece eens ze ginn huet eis erméiglecht an Frankräich des Editioun vun der Finale Sensas 2018 zu Toul ze gewinnen.



An deem Sënn, Merci un meng drei Frënn aus der Équipe, Franck, Bill an Luc. Un all déi aner lëtzebuerger Équipes die och Deel geholl hunn an eis Daumen gedréckt hunn. En groussen Merci un eisen Sponsor Sensas France an och un den Franck deen mat sengem Haus Fishing World och ëmmer en Deel dozou bei dréit. Merci

Fernand Schmitt